# Mir man eis eege Fotostory

Dir denkt iech eng Geschicht aus oder sicht iech eng Geschicht déi der kennt. Dat kann eng erfonnten Geschicht sin, dir kënnt awer och eppes duerstellen wat der schon eng Kéier erlierft oder gesin hutt.

Déi éischt Nomëtteger bleift de Computer aus. Mir sichen Iddien, an notéieren eis a Stëchwierder wat an eiser Geschicht geschitt.
An enger 2.Etapp léiere mer mam digitale Fotoapparat ëmzegoen an probéieren eng Partie Astellungen an Effekter aus.
Dono stelle mer eist Storyboard zesummen →




D'Storyboard ass de Plang deen ee brauch, fir dass ee wees wat ee wéi a wou a mat weem… muss knipsen (& wéi eng Verkleedung a wéi e Material ee brauch, wou d'Szen spillt,…)

Doheem verkleet der iech a maacht mat ärem Fotoapparat oder mat dem Fotoapparat vun der Schoul digital Fotoen.
Mir kënnen d'Fotoen natierlech och an der Schoul an am Schoulhaff man.
Déi Fotoen setze mer dono um Computer zu enger Geschicht zesummen.

<u>Winni?</u>

- Dënschtes nomëttes vun Véierel op 3 bis halwer 5;

<u>Wou?</u>

- Am Ufank am Lehrerzëmmer (hallefronne Sall nierft dem Sekretariat), dono am Computersall vun der Schoul;

<u>Winni geet et un?</u>

- De 16.Januar 2007 (2.Schoulwoch am 2.Trimester);

<u>Wéi laang dauert et?</u>

- 8-10 mol wärte mer scho mindestens brauchen;

Wann der Froen hutt, da kommt bei mer am Büro laanscht oder rufft un (348473-222 oder 621761535)

Claude Schmit




*Jetzt macht er einen Spagat. Die Hose reisst ...*




*Eric ist es peinlich ...*